Madame, Dir Hären,

Well ech op meng Fro vum 06.09.2010 iwwer eng méiglech Implantatioun vu Wandmillen um Escher Territoire keng Äentwert am virgeschriwwenen Délai krut, well ech dëse Punkt op Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotsëtzung setzen.

Prinzipiell Disksussioun iwwer d'Implantatioun vu Wandmillen op Escher Territoire

D'Regierung ass bereet ëmmer méi a Richtung Alternativerenergien ze investéieren, wéi zum Beispill a Wandmillen.

Och veschidde Gemengen hei am Land sinn amgangen op deen Wee ze goen, an op EU-Plang ginn och esou Bestriewungen ënnerstëtzt.

Den Escher Gemengerot huet och schon verschiddentlech an Alternativenergien investéiert, wéi zum Beispill an d'Photovoltaïk, awer leider nach nët a Wandmillen.

Waat d'Wandmillen méi héich stinn, waat se méi effizient sinn, an eise Galgebierg wir fir d'Implantatioun vu Wandmillen prädestinéiert.

Mir ass bekannt, dass d'Communauté des communes Val d'Alzette hei fir am Frankreich, an der Géigend vun Etteng, amgangen ass en Projet

Wandmillepark ze studéieren, wou en Deel vum Emplacement an der Géigend vum Galgebierg kënnt sinn.

Sou datt mer kënnten mat deeër Gemeng zesummen een grenziwwerschreidenden Wanmillelpark entwéckelen, deen eventuell esouguer aus EU-Fongen mat kënnt finanzéiert ginn.

Et wir scho wichteg, mat enger franzéischer Gemengecommunautéit zesummen ze schaffen, déi wëllt aus deeër am Frankreich staark verbreeter Atomenergie erausklammen an op Wandmillenenergie zeréckgreifen.

Et geet nët duer, datt mer permanent géint d'Atomenergie stänkeren, mer mussen och eegen Initiativen ergreifen.

Doofir schéngt mer eng prinzipiell Diskussioun Wandmilleprojet oder nët, am Gemengerot wichteg!

Schéinen Daag nach

Aly Jaerling

Motioun Dépot: Aly Jaerling / Datum vun der Sëtzung

De Gemengerot vun der Gemeng Esch,
a sénger Sëtzung vum

nodem eng prinzipielle Diskussioun iwwer d'Implantatioun fir Wandmillen um Escher Territoire gefouert gouw;

nodem datt vu Regierungssäit och d'Investitiounen an Alternativenergien gefördert ginn;

nodem datt den Ausstig aus der Atomenergie eng vun den energiepoliteschen Prioritéiten ass,

nodem datt d'Implantatioun vu Wandmillen eng Alternativenergie duerstellt;

nodem eng méiglech Zesummenarbecht mat der franzéischer Communauté des communes Val d'Alzette am Bereich vun engem gemeinsamen Wandmillepark envisagéiert kënnt ginn, an esouguer an dem Kontext kënnt op EU-Fongen zeréckgegraff ginn,

fuerdert doofir de Schäfferot op

d'Autoritéiten vun der franzéischer Communauté des communes ze kontaktéieren, fir am Détail iwwer deenen hiren Wandmilleprojet informéiert ze ginn;

Dem Gemengeroot d'Konklusiounen vun deeër Entrevue ze présentéieren, am Hibléck op eng définitiv Entscheedung am Kontext vun der Implantatioun vu Wandmillen op Escher Territoire a grenziwwerschreidender Zesummenarbecht.

Mat den zoustännegen Servicer vun der Regierung Kontakt opzehuelen fir eng méiglech Participatioun un esou engem Projet.

Aly Jaerling